ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 2. Juni 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Finanzminister, un den Här Educatiounsminister, den Här Wirtschaftsminister an den Här Mëttelstandsminister weiderzeleeden.

Sou wéi et mir zougedroe gouf, soll d'Ënnerstëtzung fir Entreprisen, déi kuerzzäiteg Stage vun enger bis zéng Wochen ubidden, zënter 1996 net méi ugehuewe gi sinn.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Kann d'Regierung dat confirméieren? Falls jo, wéi ass déi Decisioun motivéiert? Falls net, wéini goufen déi genannten Hëllefe fir d'lescht ugepasst? Goufen déi Ënnerstëtzungen indexéiert?
2) Plangt d'Regierung eng Upassung vun de finanziellen Ënnerstëtzungen oder aneren Hëllefe fir d'Entreprisen déi Stagen offréieren?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten